

sinn, awer net ouni virdrun ze ënnersträchen, wéi wichteg dass d'Coopération judiciaire an der Europäescher Unioun ass an och ëmmer méi wichteg gëtt. Dat ass jo och scho vun eenzelne Virriedner ënnerstrach ginn. Et gëtt dofir bannent der Europäescher Unioun eng Rei Organer - et si keng Institutione vun der Europäescher Unioun, an trotzdeem kann d'Europaparlament awer matschwätzen, och wann et konsultativ ass, obwuel et keng direkt Institutione sinn -, ob dat elo Europol ass oder eben och Eurojust.

Eurojust ass eng Kooperatioun tëschent de Memberlänner. Et ass keng eegestänneg Juridictioun an deem dote Sënn, mä d'Kooperatioun an den Échange ass am Zentrum vun der Aarbecht vun Eurojust.

Et sinn eng Rei Froe gestallt ginn, notament wat den Échange vun Informatiounen betrëfft. Den Här Urbany huet et als Lescht elo grad gefrot. Ech wëllt dofir ënnersträchen, dass et während der Lëtzeburger Präsidence am Volet Protection des données, wou souwuel e Règlement wéi eng Direktiv ënnerwee waren, zu engem Ofschloss komm ass, zu engem politeschen Accord komm ass op béiden Instrumenter.

An notament d'Direktiv ass ebe just déi, déi regelt, wéi an Zukunft den Échange vun Données policières et judiciaires bannent der Europäescher Unioun soll stattfannen. Dat war bis elo en Defizit, well et net genuch an net prezis genuch Regeln an där doter Matière gouf, wat oft dozou gefouert huet, dass Donnéeën, déi eigentlech disponibel sinn, bannent der Unioun net genuch ausgetauscht ginn an ausgetosch gi sinn. Dat ass e wichtige Fortschritt! Dat beäntwert Är Fro direkt.

Et ass eng Direktiv zu engem politeschen Ofschloss an der Lëtzeburger Präsidence komm, déi ebe justement den Échange vun Données judiciaires et policières regelt fir 25 vun den 28 EU-Länner, well op där dote Fro hunn dräi Länner e permanenten „opt-out“, dat sinn eis englesch, iresch an dänesch Frënn. Mä déi Direktiv ass d'application, muss natierlech nach transposéiert ginn, ass d'application a 25 vun den 28 Memberlänner.

An déi wäert op deem dote Punkt eng daitlech Verbesserung mat sech bréngen, well ech och mengen, dass et net ëmmer nëmmen drëms geet, nei Donnéeë wëllen ze kréien, nei Instrumenter wëllen ze kreéieren, fir un zousätzlech Informatiounen ze kommen. Wa mer emol mat deenen Instrumenter, déi mer haut schon hunn, géifen optimal schaffen, wieren daitlech Fortschrëtt bannent der Europäescher Unioun am Beräich vun der Coopération judiciaire et policière méiglech. Dozou wäert dann eben déi Direktiv, mengen ech, och e bedeiende Bäitrag leeschten, well se d'Basis schafft, eng nei Basis schafft a villes vun deem regelt.

Et ass och ënnerstrach ginn, dass déi Aart a Weis, wéi mer hei zu Lëtzebuerg probéieren, mat Eurojust ëmzegoen, eng ass, déi am europäesche Verglach ganz positiv ass. Mir kruten dofir och eng ganz positiv Bewäertung am GENVAL-Rapport.

Et wier natierlech gutt an ech wier als Justizminister immens frou, wann an all de Länner vun der Europäescher Unioun d'Ennerstëtzung fir de Grondgedanke vun Eurojust esou grouss wier wéi hei zu Lëtzebuerg bei eise Parla-ment. Dat ass awer net esou. Déi Ennerstëtzung, déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt, och am Parlament, fënnt een net an all de Memberlänner erëm. An déi Begeescherung fir judiciaire Kooperatioun, déi zu Lëtzebuerg vun der Regierung a vum Parlament gedeelt gëtt, gëtt leider net an all de Länner gedeelt.

Mä dofir ass et och wichteg, dass et och Länner gëtt, déi e bësse beispillhaft probéiere virzegoen an deem dote Beräich. Dat maache mer och haut mat der Transpositioun vun deser Décisioun. Dat wäert och anere Länner weisen, dass et méiglech ass, seng Hausaufgaben op deem dote Punkt anstänneg ze maachen.

Da sinn nach eng Rei Froe gestallt ginn och zum europäeschen Niveau an zu lafenden Diskussiounen. Den Här Urbany huet sech agesat fir eng Stärkung vun engem gemeinsamen europäesche Sockel, och am penale Beräich. Dat ass absolutt noutwendeg, well mer jo och bannent der Europäescher Unioun ëmmer méi a verstärkt mam Instrument schaffe vun der Reconnaissance mutuelle vu judiciairen a vu gerichtlechen Décisiounen. Déi gi bannent der Unioun unerkannt. An dofir kann et eis och net egal sinn, wéi déi Décisiounen zustane kommen. Et mussen gemeinsam Regeln, gemeinsam Sockelen, eng gemeinsam Basis ginn, be-

sonnesch am penalen, besonnesch och am prozedurale Recht vun den eenzelnen europäesche Memberlänner.

Do si mer allerdéngs an de leschte Joren eng ganz Rei vu Schrëtt virukomm. Mir hunn déi sougenannt „ABC-Direktiven“, déi mer zu Lëtzebuerg amgaange sinn ëmzesetzen. De Projet de loi ass déposiert. Mir hunn den Avis vum Statsrot an déi zoustänneg Chamberskommission wäert sech geschwé kënne mat deem Projet nach méi am Detail beschäftegen, fir dass mer e kënne séier hei an d'Plénière bréngen fir de Vott. Dann hu mer schonn dräi vun deenen Direktiven ëmgesat!

Ënner Lëtzeburger Präsidence sinn dräi weider Direktiven an deem dote Beräich an der Diskussioun, déi eng iwwert d'„enfants soupçonnés“, wann also Mineurë verdächtegt ginn, eng penal Infraktioun begaangen ze hunn, iwwert d'Présomption d'innocence an awer och iwwert d'Assistance judiciaire. Dat ass deen zweete Paquet vun Direktiven, fir genau am penale Beräich eng gemeinsam Basis an der Europäescher Unioun ze schafen.

Ech deelen lech och do, dem Här Urbany an der ganzer Chamber, gäre mat, dass mer bei deenen dräi Direktiven ënner Lëtzeburger Präsidence zwee Ofschlëss konnte realiséieren, bei der Direktiv „enfants soupçonnés“ a bei der Direktiv „présomption d'innocence“, déi also elo kënnen an d'Prozedur goen, fir dann och a sämtlechen europäesche Länner kënnen ëmgesat ze ginn. Dat wieren der da fënnf scho vun deene sechs!

Bei der drëtter Direktiv, déi ënnerwee ass, iwwert d'Assistance judiciaire, hu mer leider nach keen Ofschloss. Mä mir wäerte weider dru schaffen, well do einfach eng ganz Rei Länner nëmmen de Käschtpunkt gesinn, dee mat enger méi generéiser Assistance judiciaire zesummegeet, se awer net onbedéngt den Intérêt gesinn, dass mer an all de Länner eng gemeinsam Basis géife schafen, fir da bei der Reconnaissance mutuelle vun Décisions judiciaires och mat Vertraue kënnen déi géigesäiteg Unerkennung do ze maachen. Mä mir schaffe weider drun. Mä mir hunn awer mëttlerweil fënnf vu sechs vun deenen Direktive politeschen an engem Accord, an dräi souguer hei schonn an der Transpositioun. Et gëtt also genau un deem, wat Dir do frot, geschafft.

D'Madamm Modert ass op de Parquet européien agaangen, eppes wat natierlech enk gebonnen ass un Eurojust. D'Kreatioun dovun ass am Traité vu Lissabon och virgesinn. Ausgehend vun Eurojust justement, wat Verschiddener als eng geografesch Indikatioun gesinn, wann et ëm d'Fro vum Siège geet, wat mir awer als eng organesch Indikatioun ugesinn a keng geografesch, well mir, wéi d'Madamm Modert och, pochen op déi Texter, déi et gëtt, wat d'Sëtzfro betrëfft, well mir och der Meinung sinn, dass de Sëtz vum Parquet européien op Lëtzebuerg gehéiert, net ze wäit ewech dann och vun der Cour de justice.

Eis hollännesch Frënn zu Den Haag kënne ganz gären den Droit international bei sech ophuelen. Mir mengen awer, dass d'Capitale vum Droit européien, vum Droit de l'Union Lëtzebuerg ass. An dofir wäerte mer och pochen dorobber, dass déi Texter respektéiert ginn. An Dir wësst, Verschiddener gesinn dat dann net gären esou. An do wäerten nach Matcher auszedroe sinn.

Eis hollännesch Frënn hunn awer ee Problem: Si si bei der Fro vum Parquet européien extrem reservéiert. Den aktuelle Justizminister war a sengem viregte Liewen als Parlamentarier den Haaptopponent am hollännesche Parlament géint de Prinzip vun engem Parquet européien. Dann ass et natierlech schwéier, mat Iwwerzeugung derfir ze plädéieren, de Sëtz och bei sech ze kréien.

Dofir sinn ech och e bësse skeptesch, fir Är Fro no menger Aschätzung ze beäntweren, dass mer ënner hollännescher Präsidence wäerte Fortschrëtt kënne realiséiere wéi ënner Lëtzeburger Präsidence. Et ass en Dossier, deen am hollännesche Parlament mat äusserster Virsicht considéiert gëtt. An dat gëtt schwiereng fir déi hollännesch Präsidence, fir ausgerechent op deem Dossier do Fortschrëtt kënnen ze maachen.

Dat ass schued, well de Parquet européien ass an eisen Aen eng absolutt Noutwendegkeet an en dierf och net um Prinzip contestéiert ginn, well e steet am Traité vu Lissabon. Mir müssen déi Fortschrëtt maachen!

Ech wëllt awer och informatiounshalber hei nach eng kéier rappeléieren, dass de Parquet européien am Moment eng eenzeg Kompetenz soll kréien. Déi Kompetenz ass net esou grouss wéi déi vun Eurojust. Am Parquet européien geet et ëm d'Lutte géint Infraktiounen bei den Intérêts financiers vun der Unioun. Et geet also nëmmen ëm d'Protection des intérêts financiers an dass déi kënne poursuiviéiert ginn.

Eng Rei Länner, dozou gehéiert och Lëtzebuerg, géife sech zwar ganz gutt kënne virstellen an och wënschen, dass d'Kompetenze vum Parquet européien méi grouss wieren, mä dat, wat um Dësch läit, ass, e Parquet européien ze schafe fir d'Protektioun vun den Intérêts financiers vun der Europäescher Unioun. An dat ass scho schwiereng genuch! Notament och d'Fro, awéiwäit dass d'Fraude à la TVA kann do mat erageholl ginn. Och do gëtt et grouss Retizenzen am Conseil, fir déi Ouverture ze maachen, fir d'TVA-Fraude - an déi gëtt et, déi TVA-Fraude, an déi ass zum Deel massiv! -, fir déi an d'Kompetenze vum Parquet européien opzehuelen.

An dofir, wann ech Optimismus ausgedréckt hunn, dann ass dat och zum Deel Zweckoptimismus, well mer eis wënschen, dass mer do virukommen. Mä à court terme, während der aktueller Präsidence, mengen ech, dierf een d'Erwaardungen net ze héich schrauwen. Am Géigendeel, et ass e staark diskutéierte Projet am Conseil an déi Begeescherung, déi Lëtzebuerg dofir entwéckelt haut an och virdrun, gëtt net vu jiddwerengem gedeelt.

Voilà! Dat ware meng Remarquen, Här Präsident, zu den eenzelne Froen. Ech soe Merci fir d'Zoustëmmung zum Projet, fir d'Eestëmmegkeet fir de Projet. Dat steet Lëtzebuerg gutt zu Gesicht, dass mer op där doter Fro ëmmer zu deene gehéieren, déi probéieren, Schrëtt ze halen a mam Beispill virzegoen. Den Enjeu ass grouss genuch an dat hei ass en adequat Instrument, fir weiderzekommen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Just eng kleng Suggestioun: Bei méi längeren Interventiounen ass et besser, heihinzekommen, wéinst der Akustik.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech wollt lech net évitieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà! Kee Problem. Ech mengen, et ass just mat der Längt vun de Mikrofonen dohannen e bësse méi schwiereng.

Den Här Urbany huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Jo, Här Präsident, just e Wuert zum Schluss, fir nach eng kéier ze betounen, dass mer hei en Instrument matstëmmen, wat eis et méiglech mécht, eng Kooperatioun op deem Niveau kënnen ze maachen.

Iwwert den Inhalt vun där Kooperatioun an iwwert déi Direktiven, och déi nei Direktiven, déi elo ausgehandelt gi si während der Lëtzeburger Präsidence, behale mer eis selbstverständlech all eis Rechter vir.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Minister nach kuerz.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech wollt dem Här Urbany awer och, wann en elo schonn awer eng kleng Aschränkung mécht, ech wollt him awer soen, dass ech trotzdeem immens frou sinn, dass Der emol eng kéier, wou Der eppes ënnerstëtzt, et och mat engem Jo-Vott duerno confirméiert. Dat freet mech!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Et ass awer net fir d'Eischt!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat gesi mer elo direkt, well mer zum Vott iwwergi vum Projet 6805.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6805 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

A jo, bon: 60 Participatiounen um Vott, 59-mol Jo, an eng kéier Neen?

(Brouhaha)

Ech hoffen, dass ech et net war.

(Hilarité)

Ech ginn awer emol dovun aus, dass ech et net war.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat hate mer eng kéier.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo. Mä Dir wësst jo, wéi dat mat deem ass, dee sech nëmmen eng kéier steisst. Majo, da wär de Projet op jiddé Fall ugeholl. Wann et en Iertum war, da rektifizéiere mer dat. De Projet ass ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6805 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers,

Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour kommen, do geet et ëm eng Ännerung vun eise Chambersreglement, ëm eng Prezisioun, wat d'Effentlechkeet bei der Pétition publique heescht. Den Här Président-Rapporteur wann ech gelfit.

7. 6926 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux pétitions publiques

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.** - Merci, Här Präsident. Et sinn elo zwee Joer hier, datt mer hei an der Chamber eist Reglement geännert hunn, andeems datt mer d'Pétition publique méiglech gemaach hunn. Ech mengen, et ass e grouse Succès mat deene Pétitiounen an deenen zwee Joer gewiescht an ech wëllt net dorobber am Detail hei agoen, well de Kolleg Marco Schank als Président vun der zoustänneger Kommissioun herno wäert och nach d'Wuert ergräifen an da sécherlech méi dat aus der Siicht vun der Pétitiounskommissioun belichten.

Déi Pétitions publiques, dat ass Neiland, wat mer hei als Parlament betratt hunn, net nëmme fir eis, mä och fir d'Leit aus dem Land, déi déi Méiglechkeet kritt hunn, fir dovunner ze profitéieren. A mir hunn och am Laf vun der Zäit sécherlech do Erfahrung gesammelt. An deementspriedend och, opgrond vun deenen Erfahrungs, muss eist Reglement zäitweileg ugepasst ginn, fir eben deem Rechnung ze droen.

Haut geet et méi prezis ëm den Artikel 155bis vun eise Reglement, wou am Fong festgehalé gëtt, datt, wann eng Pétitioun déi erfuerdert Zuel vun iwwer 4.500 Ennerschrëfte kritt, da gëtt se hei an der Chamber vun der zoustänneger Pétitiounskommissioun a vun der zoustänneger Fachkommissioun an der Regel zesumme gehéiert.

Laut deem Artikel, wéi e bis elo fonctionnéiert huet, dem Artikel 155bis, war et esou: Bei enger Sitzung, wou d'Pétitionnairen heihinner invitéiert waren, war déi akkreditéiert Press zougeloo, ouni datt se huet awer dierfen an den Débat agräifen. Gläichzäiteg ass och deen Débat hei an der Chamber iwwer Chamber TV iwwerdroe ginn.

Wat net de Fall war, dat ass, wa Leit, de Public wollt an déi Sitzunge kommen, wéi dat bei de Chamberssitzungen de Fall ass, haten déi keen Zougang hei zur Chamber, wat vun deene Responsabelen an och vun deene Leit aus eiser Pétitiounskommissioun awer bemängelt ginn ass.

A mat deser Ännerung maache mer net méi an net manner, wéi datt mer an deem Artikel och derbäisetzen, datt de Public bei deene Sitzungen zougeloo ass, och ouni datt en dierf an den Débat agräifen. Et ass also genau d'selwecht an Zukunft bei der Pétitiounskommissioun, wann d'Pétitionnairen ugehéiert ginn, wéi bei enger öffentlecher Sitzung, nämlech datt d'Press, déi akkreditéiert Press Zougang huet, datt de Public Zougang huet an datt et iwwer Chamber TV iwwerdroe gëtt. An et ass dat, wat mer mat deser Ännerung vun eise Reglement virhuelen, datt mer also de Public an deem bestëmmten Artikel derbäisetzen.

Dann hu mer nach en zweeten Artikel hannendru gesat, an zwar seet deen, datt déi Ännerung hei direkt mam Vott wäert a Kraaft treden. Wa mer dat net gemaach hätten, da wier et eréischt an där nächster öffentlecher Sitzung



a Kraaft getrueden. Vu datt dat am Februar ass an awer dertëschent wahrscheinlech eng Unhéierung ass, da wier déi nach net drënnergefall. Dofir maache mer eng Dérrogatioun zu eise Artikel 204 a soen, datt déi Annerung hei mam Vott direkt a Kraaft trëtt.

D'Reglementskommissioun huet an hirer Sitzung vum 12. Januar iwwert déi Proposition - an et muss eng wichteg Proposition gewiescht sinn, well si ass vum President vun der Chamber deponéiert ginn - diskutéiert. An d'Kommissioun huet sech där Proposition raliéiert a se eestëmmegeg ugeholl a recommandéiert lech alleguer, och deem zouzestëmme. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Marco Schank.

Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, fir d'Eischt emol e Merci un den honorabele Kolleeg Gast Gibéryen fir deen exzellenten an ausféierleche Rapport fir de Changement vun eise eegene Reglement.

Mir freeën eis als Fraktioun, datt esou séier dem Wonsch vu ville Leit dobaussen an och dem Wonsch vun der Petitiounskommissioun konnt Rechnung gedroe ginn, fir déi Adaptatioun ze maachen. Ech kéint de Chamberspresident och matabezeien.

An ech mengen, wichteg ass, datt een an Zukunft de Leit et ka méiglech maachen, op d'Tribünen ze kommen, wann en éffentleche Petitiounsdebät hei stattfënn, de Rapporteur huet et gesot, par analogie zu deem, wéi mer et jo och an eisen éffentleche Sätzungen normalerweis hunn. An ech ka soen, datt mer bei deene leschten Débaten och eng relativ grouss Demande hate vu Leit, déi wollten eropkommen, déi dat net woussten, déi sech och nach déplaéiert hunn. An dat geschitt dann an Zukunft jo net méi.

Fir eis ass dës Mesure och eng weider Opwärtung vun deem demokrateschen Instrument, wat den Débat public ass, an et ass och zu Recht vum Rapporteur gesot ginn, datt mer eigentlech ganz vill Succès hu mat der Pétition publique. Bis elo hate mer siwen éffentlech Unhéierungen, Débaten hei an der Plénière, a fir just déi lescht ze ernimmen, dat war déi vum Schoulschwammen. An ech mengen, ouni rout ze gi kann ee soen, datt déi Petitioun awer Bewegung an den Dossier bruecht huet. An dat ass och gutt esou, mengen ech.

Et sinn elo nach zwee weider éffentlech Debate geplangt. Den 2. an den 3. Februar ass dat, engersäits iwwer eng besser Prise en charge vun der Maladie de Lyme an anerersäits iwwert d'Steierklass vu Wittfrae respektiv Wittmänner. An da gëllt jo dann och scho fir den 2. an den 3. Februar déi Regel, déi mer haut, denken ech, unanime wäerten hei adoptéieren.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech dann och eisen Accord zu där Emännerung vun eise Reglement bréngen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Och dem Rapporteur Merci fir säi kuerzen, mä awer ganz pertinente Rapport. Effektiv si mer an engem Prozess, wou mer mat de Petitioun lues a lues kucken, eis all Kéiers ze verbessern, och am Reglement dat ze adaptéieren. Et kënnt eben och aus den Erfahrungen, déi een do sammelt. Dat ass jo och eng gutt Saach an et ass och flott, wa mer eng ganz Rei vu Petitiounen hunn a verschiddener et jo och da bis an d'Chamber packen, wa se 4.500 Ennerschrëften hunn.

Hei ass elo kuerz eng Adaptatioun, well et war net logesch, datt eigentlech den Débat éffentlech war oder deen Échange, datt d'Press konnt derbäi sinn, Chamber TV, an datt d'Leit eigentlech awer net bei der éffentlecher Diskussioun konnten derbäi sinn. Mir änneren dat elo. Dat ass eng gutt Saach.

Ech wëllt awer trotzdem drop hiweisen, Här President - dat ass och elo eppes, wat aus dem Passé ass -, ech hunn elo grad gezielt, wa mer dann also dat opmaache fir de grand Public, am beschte Fall gëtt et 16 Plazen do uewen op der Tribün. Déi an der zweeter Rei, déi kucken dann awer wahrscheinlech hannendrun den Écran, soudatt een - bon, an der Vergaangeneheet, wéi hei d'Chamber nei aménagéiert ginn ass, war dat vläicht net optimal gemaach ginn -, soudatt een also trotz deene gudden Öfsichte sech muss bewusst sinn, datt awer elo net Masse vu Leit dat kennen hei an der Chamber suivéieren.

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu deem Changement vum Reglement ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Mir wäerte jo keng Petitioun kréie fir d'Vergreisserung vun den Tribünen!

(Interruptions et hilarité)

Den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo. Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi Bericht. Mir wäerte selbstverständlech déi Ännerung och matdroen als déi Lénk.

Ech si jo och an där Petitiounskommissioun an et ass schonn oft spannend, fir sech domadder auserenezesetzen. Et mierkt een och, datt een duerch d'Praxis awer zu Verbesserung ka kommen. Ech géif mech och un dat uschléissen, wat den Här Berger gesot huet. Ech hu mer déi Fro och gestallt. Leider war den Zäitpunkt e bësse verpasst ginn deemools, fir d'Chamber nach e bësse méi zäitgeméis ze adaptéieren. Dat ass ebe leider esou.

Mir wäerte wahrscheinlech nach aner Saachen an der Zukunft änneren a verbessern. An et beweist sech eng Saach, also et mierkt een awer och eng Saach - an ech mengen, och aktuell oder zukünfteg Pétitionnaire kucken eis jo och hei no -, an ech mengen, eng Léier, déi ee schonn dorausser kann zéien, dat ass, datt, wa kollektiv Initiativen ergraff ginn, dat heescht, wa méi wéi eng Persoun hanner enger Petitioun stécht, wann d'Leit sech méi organiséieren, da sinn d'Chancen eendeiteg méi grouss, fir och en Hearing ze kréien. Dat hu mer oft hei esou festgestallt. An ech mengen, dat ass och eng Léier, déi een dorausser kann zéien, well e kollektiven Engagement duerch déi Petitioun och eppes bewege kann.

Mä, wéi gesot, mir wäerten dat heiten natierlech selbstverständlech matdroen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann d'Madamm Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Jo, och d'LSAP begréisst natierlech dëse Changement. Merci menge Virriedner. Deem ass eigentlech och net méi ganz vill bäizefügen. An ech sinn och wierklech frou, dass mer op dëse Wee elo ginn, fir dat ze erreechen, wat mer eigentlech wollte mat deenen Unhéierungsexercicer hei an der Chamber erreechen, an zwar eigentlech de Wee vun der Transparenz a vun deem demokrateschen a partizipative Prozess ze goen, deen, wéi gesot, da soll iwwert dës Petitiounsexercicer hei errecht ginn.

Dofir si mir natierlech derfir a mir soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann den Här Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Jo, vun eis och dem Här Gibéryen e Merci. Et sinn am Fong geholl zwou grouss Ännerungen elo geschitt a kuerzer Zäit. Dat ass, datt déi schrëftlech Petitioun an déi elektronesch zesummesat ginn. An hei ass wierklech nach e klengt

Puzzlestéck, wat gefeelt huet. An dofir fanne mer dat natierlech gutt an och mir ginn natierlech och eisen Accord vun deene Gréngen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir kënnen iwwert d'Ännerung vun eise Reglement ofstëmme, déi mat der Nummer 6926 registréiert ass.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6926

A mir géifen d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

59 Participatiounen um Vott an Unanimité. Merci. Besser kann den Owend net eriwweergoen!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Max Hahn), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. David Wagner.

Ech wënschen lech, dass Der gutt heemkommt. Merci!

D'Sëtzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 18.16 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes, législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chambre aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.